N°4095
Entrée le 09.06.2026
Chambre des Députés

D'REGIERUNG
VUM GROUSSHERZOGTUM LËTZEBUERG
Ministère fir auswäerteg an europäesch
Ugeleeënheeten, Verdeedegung,
Entwécklungszesummenaarbecht an Aussenhandel

**Äntwert vum Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel, M. Xavier Bettel, op d'parlamentaresch Fro n°4095 vun den éierbaren Deputéierten MM. Mars Di Bartolomeo an Franz Fayot**

1. **Kënnen déi bestoend Päss, déi nach net ofgelaf sinn, weiderhin ouni Bedenke genotzt ginn?**

Jo.

2. **Ass et kloer, datt de Leit bei Auslandsdeplacementer mat deene bisheregen Päss keng Problemer entstinn?**

Jo.

3. **Wéi vill Leit, déi nach e gëltege Pass hunn, hunn an deene lëschten Deeg en neie Pass ugefrot?**

Zënter dem 11. Mee hunn ronn 5000 Leit en neien Pass ugefrot. Genee Statistiken wéivill vun deenen Demandeuren nach en gültegen Pass haten kënnen net generéiert ginn.

4. **Wat réit d'Regierung de Leit, déi nach gëlteg Päss hunn? Solle si awer direkt en néie Pass ufroen?**

Lëtzebuerger déi am Besëtz vun engem nach gültege Pass sinn, brauchen keng nei Passdemande anzereechen, soulaang dësen nach valabel ass. Et ass dobäi ze berécksiichtegen, datt verschidde Länner eng Mindestvalitéit vum Pass vun 3 bis 6 Méint no der Rees verlaangen.

Lëtzebuerg, den 9. Juni 2026

Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten
an Aussenhandel

(s.) Xavier Bettel